N°1639
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1639 vum 9. Dezember 2024 vun den honorabelen Deputéierte Ben Polidori an Yves Cruchten zu der Personaliséierung vun de Plackenummeren.**

Déi honorabel Deputéiert hu Froen zu der Personaliséierung vun de Plackennummere vun de Gefierer gestallt.

Virop ass et wichteg ze betounen, dass d'Waardeléscht fir 4-stelleg Placken net "quasi-direkt" vun der neier Regierung ofgeschaaft gouf. Dës Moossnam war Deel vun engem méi ëmfangräiche Projet de Règlement grand-ducal, dee fir d'éischt de 4. Abrëll 2022 beim Staatsrot deposéiert gouf an dee schlussendlech zum Règlement grand-ducal vum 21. September 2023 gefouert huet.

Dëst Reglement huet eng ëmfaassend Reform vum System vun der Zouuerdnung vun de Plackennummeren ageleet. Virun dësen Ännerunge gouf et zwee parallel Systemer: d'„série courante", déi un e Gefier gebonne war an am Fall vun enger Vente mam Gefier matgaangen ass, an d'„série personnalisée", eng Nummer, déi enger Persoun zougeuerdent war an och bei enger Vente bei där Persoun bliwwen ass.

Dës Dualitéit huet zu villen Onkloerheete gefouert, an eng substanziell Unzuel u Nummeren war blockéiert, well se reservéiert goufen, ouni dass jeemools e Gefier drop ugemellt gouf. Fir dëse Problem ze léisen, gouf de System reforméiert: D'Plackennummere sinn elo ausschliisslech un d'Persoun gebonnen a ginn net méi mam Gefier mat, wann dëst verkaaft gëtt. Zousätzlech gouf d'Méiglechkeet, eng personaliséiert Plackennummer duerch eng „déclaration de renonciation" z'iwwerdroen, ofgeschaaft.

Aus dësem Grond war et och net méi gerechtfäerdegt, déi 4-stelleg Plackennummeren, déi schonn deemools net transferéiert konnte ginn, weiderhin iwwer eng Lëscht ze verdeelen. Si ginn elo wéi all aner personaliséiert Plackennummere behandelt a kënnen entspriechend reservéiert ginn.

Wat d'Personaliséierung vun de Plackennummeren ugeet, gouf an de leschte Méint intensiv un engem Projet de loi an un engem Projet de Règlement grand-ducal geschafft. Et ass virgesinn, dass d'Plackennummere fräi personaliséiert kënne ginn, no engem Modell ewéi an der Belsch.

Déi aktuell Versioun vum Projet ass an der Finaliséierungsphas an dierft an nächster Zukunft um Ordre du jour vum Regierungsrot stoen.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes